LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

La Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Médias et de la Connectivité

**Äntwert vun der delegéierter Ministesch beim Premierminister fir Medien a Connectivitéit, Elisabeth MARGUE, der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko BACKES, an dem Inneminister, Léon GLODEN, op d'parlamentaresch Fro n°4427 vum 13. Juli 2026 vun der honorabeler Deputéiert Alexandra SCHOOS.**

1. **Ass der Regierung bekannt, wéini d'Mobilfunkoperateuren zu Lëtzebuerg (POST, Tango an Orange) d'komplett Ofschalte vum 2G-Netz plangen? Kann d'Regierung déi am Oktober 2025 gemaachten Ausso bezüglech Orange (2G-Ofschaltung bis 2030) a POST (op d'mannst bis 2027) mat engem präzisen Datum ergänzen, an ass och en Datum fir Tango bekannt?**

D'Regierung verfollegt d'Entwécklung vun de mobilen Netzer vun der zweeter Generatioun (2G), déi nach ëmmer eng Ënnerstëtzungsinfrastruktur fir verschidde Kommunikatiounsservicer am Beräich Machine-to-Machine (M2M) duerstellen, besonnesch fir verschidden Noutruffsystemer, Ferniwwerwaachungssystemer oder aner industriell Uwendungen.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2944 uginn, hat Orange Luxembourg d'Ofschalte vu sengem 2G-Netz géint d'Joer 2030 ugekënnegt. De Bedreiwer gesäit dës Ofschaltung elo scho fir 2029, am Kader vu sengem Migratiounsprogramm vir, fir eng progressiv Ëmstellung vun de concernéierte Servicer ze erméiglechen.

Wat Proximus Luxembourg (Tango) ugeet, huet de Bedreiwer matgedeelt, datt bis elo nach keen Datum fir d'Ausserbetribsetze vu sengem 2G-Netz festgeluecht gouf. Hien huet awer confirméiert, datt dëst Netz op d'mannst bis 2030 weider bedriwwe gëtt. Ausserdeem huet de Bedreiwer preziséiert, datt all Entscheedung iwwer eng spéider Ofschaltung fréi genuch kommunizéiert gëtt, fir de concernéierte Clienten ze erlaben, sech ënnert de beschte Konditiounen op dësen Iwwergang virzebereeden.

Wat POST Luxembourg betrëfft, plangt de Bedreiwer, d'2G-Servicer och no 2027 weider ze bedreiwen. D'Ofschaltung vum 2G-Netz ass den Ament fir d'Joer 2030 virgesinn, ënner Virbehalt vun der Entwécklung vun de Besoine vum Maart souwéi vun den techneschen a reglementaresche Konditiounen.

Et sief rappeléiert datt d'Entscheedunge betreffend d'Ofschaltung vun enger mobiller Technologie haaptsächlech an der Verantwortung vun den Ubidder vun elektronesche Kommunikatiounsdéngschter leien, am Aklang mam applicabele reglementaresche Kader. D'Regierung, an Zesummenaarbecht mam Lëtzebuerger Institut fir Regulatioun (ILR), verfollegt dës Entwécklung awer weider, fir déi Secteuren ze identifizéieren an ze ënnerstëtzen, déi vun der progressiver Ofschaltung vun den 2G-Netzer kéinte betraff sinn.

2. **Läit der Regierung eng Schätzung vir, wéi vill zu Lëtzebuerg immatrikuléiert Gefierer iwwert en eCall- oder en änlechen Noutruffsystem verfügen, deen ausschliisslech op 2G baséiert?**

Nee. D'Europäesch Kommissioun huet am Kader vun den Aarbechte vum Technical Committee Motor Vehicles (TCMV) festgehalen, datt den exakten Ëmfang vun der sougenannter „Legacy-eCall-Flott“ nach net bekannt ass an am Kader vun enger europäescher Analys ënnersicht gëtt. Dobäi gëtt ënnerscheet tëscht Gefierer, déi schonn iwwer 4G-fäeg Hardware verfügen an eventuell per Software-Update ugepasst kënne ginn, Gefierer mat proprietären TPS-eCall-Systemer an deenen, déi eng technesch Norüstung erfuerderen.

3. **Deelt d'Regierung d'Meenung, datt Gefierer, déi zum Zäitpunkt vun hirer Typgeneemegung de gëltegen europäesche Virschrëften entsprach hunn, och no der Ofschaltung vum 2G-Netz weiderhin immatrikuléiert kënne ginn?**

Jo. Geméiss dem aktuelle europäesche Rechtskader bleift d'Konformitéit vu Gefierer bestoen, wann dës zum Zäitpunkt vun hirer Typgeneemegung den deemols applicabele Virschrëften entsprach hunn. Eng spéider Entwécklung oder d'Ofschaltung vun der technescher Infrastruktur, op där dës Funktioun baséiert, féiert demno net automatesch zum Verloscht vun der Typkonformitéit oder dozou, datt d’Gefier net méi ugemellt kann ginn.

4. **Huet d'Regierung vir, sécherzestellen, datt en Ausfall vun der eCall-Funktioun, deen ausschliisslech op d'Ofschalte vum ëffentlechen 2G-Mobilfunknetz zréckzeféieren ass, weder d'Immatrikulatioun nach de Contrôle technique vun de betraffene Gefierer beaflosst, a wäert de Contrôle technique dëst explizit net als Mängel aklasséieren?**

Wéi schonn an der Äntwert op d’Fro 3 duergeluecht, huet d’Ofschalte vum 2G-Netz keen Impakt op d’Typgeneemegung vum Gefier. Deementspriechend gëtt d’Umeldung vun engem betraffene Gefier aus dësem Grond net refuséiert.

Wat de Contrôle technique ugeet, gëtt aktuell gekläert, wéi dës spezifesch Situatioun am Kader vun de bestoende rechtlechen an technesche Virschrëfte soll behandelt ginn, fir sécherzestellen, datt d’Ofschalte vun enger externer Telekommunikatiounsinfrastruktur net zu enger ongerechtfäerdegter Benodeelegung vun de betraffene Gefierbesëtzer*innen féiert.

5. **Huet d'Regierung eng Iwwersiicht doriwwer, wéi eng aner kritesch Systemer – wéi zum Beispill Noutruffer a Lifter, Alarmanlagen, medezinesch Noutruffsystemer oder industriell IoT-Uwendungen – zu Lëtzebuerg nach op d'2G-Netz ugewise sinn, a gëtt et eng secteuriwwergräifend Koordinatioun tëschent de betraffene Ministèren an Autoritéiten, fir dës Risike gemeinsam unzegoen?**

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 2944 uginn, gehéieren zu de Servicer, déi nach ëmmer vun dësen Technologien ofhängeg sinn, ënner anerem verschidde Noutkommunikatiounssystemer (am Fall wou d'4G- oder 5G-Netzer net disponibel wieren), Kommunikatiounsanlagen an Lifter oder anere Maschinnen, souwéi d'eCall-Systemer, déi a Gefierer installéiert sinn, déi virun 2026 produzéiert goufen.

Et gëtt dofir e reegelméissegen Austausch mat den Ubidder vun elektronesche Kommunikatiounsdéngschter, dem ILR an den zoustännegen Autoritéiten, fir dësen Iwwergang ze begleeden an déi méiglech Auswierkunge vun der progressiver Ofschaltung vum 2G-Netz

virauszegesinn. D'Regierung verfüügt awer net iwwer en exhaustiven Inventaire vun all dësen Equipementer zu Lëtzebuerg.

6. **Wéi geet d'Regierung mat der Situatioun vu grenziwwerschreidende Gefierer ëm, dorënner d'Gefierer vu Grenzgänger mat auslännescher Immatrikulatioun, well d'Nopeschlänner en aneren Zäitplang fir d'Ofschalte vum 2G-Netz hunn?**

Déi grenziwwerschreidend Dimensioun stellt e wichtegen Aspekt beim Iwwergank vun de mobilen Netzer duer, besonnesch wéinst der grousser Zuel u Gefierer, déi an den Nopeschlänner ugemellt sinn an all Dag zu Lëtzebuerg ënnerwee sinn.

D'Zäitpläng fir d'Ofschaltung vun den 2G-Netzer ënnerscheede sech effektiv jee no Memberstaat an no Bedreiwer. Eng Etüd, déi am Optrag vun der Europäescher Kommissioun iwwer d'Konsequenze vun der Ofschaltung vun den 2G- an 3G-Netzer duerchgefouert gouf, huet ënner anerem e Risiko festgestallt, datt de Fonctionnement vum eCall-112-Déngscht fir eng Rei bestoend Gefierer kéint verluer goen.

Fir en ofgestëmmten Iwwergang ze garantéieren, recommandéiert d'Etüd dofir, datt d'Europäesch Kommissioun eng Recommandatioun un d'Memberstaaten erausgi kéint, fir – wa néideg – déi concernéiert mobil Netzer bis 2030 bäizebehalen, gläichzäiteg awer eng progressiv Ëmstellung op d'Next Generation eCall-Léisungen (NG eCall) ze erméiglechen. D'Regierung verfollegt dofir déi europäesch Aarbechten am Zesummenhang mam Iwwergang op Next Generation eCall (NG eCall), besonnesch d'Mesuren, déi drop ofzielen, d'Kontinuitéit vum Noutdéngscht wärend dëser Iwwergangsphas ze garantéieren.

7. **Steet d'Regierung mat de Mobilfunkoperateuren, de Gefierhiersteller souwéi den zoustännegen europäeschen Institutiounen am Austausch, fir Léisunge fir déi betraffe Gefierbesëtzer auszeschaffen, zum Beispill duerch Norüstungsléisungen (Retrofit) oder Iwwergangsreegelungen?**

Et gëtt op d'Äntwerte vun de Froe 5 a 6 verwisen.

8. **Wie soll d'Käschte vun enger méiglecher Norüstung vun engem Noutruffsystem droen: de Besëtzer, de Produzent oder de Staat?**

Well déi technesch Léisungen nach an der Entwécklung sinn an den entspriechenden europäesche Kader nach net besteet, ass et ze fréi, fir déi Modalitéite vun enger Upassung oder Moderniséierung vun de bestoenden eCall-Systemer festzeleeën.

9. **Gëtt et Gespréicher mat de Versécherer doriwwer, ob en eCall-Ausfall, deen op d'Ofschalte vum 2G-Netz zréckzeféieren ass, en Afloss op d'Haftung oder d'Deckung am Fall vun engem Accident huet?**

D'Regierung erënnert drun, datt den eCall-System eng Ariichtung ass, déi dozou déngt, den Asaz vun de Rettungsdéngschter ze erliichteren, an datt en net als entscheedenden Element fir d'Feststellung vun der Responsabilitéit am Fall vun engem Verkéiersaccident gëllt.

D'Regierung huet keng Kenntnis vun enger spezifescher Positioun vum Versécherungssecteur iwwert d'Konsequenze vun enger Netverfügbarkeet vun engem eCall-System, déi ausschliisslech op d'Ofschaltung vun engem 2G-Netz zeréckzeféieren ass.

**10. Plangt d'Regierung Informatiounsmoossnamen, zum Beispill iwwert de Contrôle technique bei der nächster Kontroll, fir datt d'Gefierbesëtzer mat Zäite gewuer ginn, ob hiert Gefier betraff ass a wéi eng Handlungsméiglechkeete bestinn?**

D'Europäesch Kommissioun huet an dësem Kontext Informatiouns- a Sensibiliséierungsmoossname virgesinn, fir déi betraffe Gefierbesëtzer*innen iwwert d'Konsequenze vun der Ofschaltung vum 2G-Netz ze informéieren. Sollten doriwwer eraus op nationalem Niveau en zousätzlechen Informatiounsbedarf bestoen, wäerten entspriechend Kommunikatiounsmoossname geholl ginn.

**11. Sinn d'Rettungsdéngschter an d'112-Leitstellen zu Lëtzebuerg technesch prett, fir esouwuel klassesch eCall-Noutriff wéi och NG eCall wärend enger Iwwergangsphas zouverlässeg ze verschaffen?**

D'Noutruffzentral CSU-112 vum CGDIS ass säit Januar 2017 konform zu der Reglementatioun (EU) 305/2013 an technesch an der Lag fir de sougenannte "Circuit-switched eCall" ze empfänken.

Säit Mäerz 2026 ass den CSU-112 och konform zu der Reglementatioun (EU) 1084/2024 an technesch equipéiert, fir den NG eCall empfänken ze kënnen. De CGDIS steet am enke Kontakt mat de Mobilfunknetzbedreiwer, déi amgaang sinn, sech op d'Ëmstellung op den NG eCall ze preparéieren. Déi zwou Technike stinn dem CSU-112 an enger Iwwergangsphas zur Verfügung.

Lëtzebuerg, den 16. September 2026

Déi Delegéiert Ministesch beim Premierminister
fir Medien a Connectivitéit

(s.) Elisabeth MARGUE